## **Weltmeeschterschaft vun den Masters 2026 zu Fortaleny Spanien**

19.08.2026

WM Masters Fortaleny Spunien Trainings Dag 4 ass Geschicht, an wäert fir eis all sécher laang an Erënnerung bleiwen. Elo wou ech amgaang sinn de Bericht ze schreiwen, sinn ech nach ob der Streck, well Viv als Coach déi éischt grouss Sitzung huet, wou den Tirage dann gemaach gëtt. Et ass elo genau 17:00 Auer a mir hunn nach 45 Grad. Verreckt an och deelweis onseriös fir Competiteuren alleguer.

Ab muer ginn et wéi gemellt, an dat hoffen mer all, 10 Grad manner. Hoffentlech.
Wéi ëmmer kommen mer elo zur Fëscherei. Mir haten all eis gëschter bei enger herrlecher Paela ofgeschwat an hunn Erkenntnisser vum Gasty, dann och all esou gutt wéi méiglech probéiert ze kopéieren. Gewiichter louchen haut zwëschent 6 an 12 Kilo. De Blénkert ass iwwerhaapt net gaang. Haut souzen mer am Secteur D, Box 11, an hei hunn mer dann mol déi richteg well Karpen kennen geléiert. An dat bei enger Waasserdéift vun 4,5 Meter. Et ass an sech net schwéier. Touchen all kréien, Fësch net ofrappen oder verléieren, an da klappt dat och. Mee well et hei elo relativ schmuel ass, huet deen een oder aneren Karp sech schnell Richtung déi aner Säit duerch Bascht gemaach wou genau al Beem am Waasser leien, fir dass den Kaarp nach déi leschten Chance huet fir unzegoen. An dat gëllt et fir Kompetitiounsdeeg ab muer ze vermeiden.

Mee am Grousse Ganzen war Equipe mam Trainings Dag zefridden. Direkt no der Fëscherei vun haut hunn mer nach ob der Streck eng kleng Sitzung gehalen, fir fest ze leeën wat wichteg ass. Fudder, Monturen, Eschen an alles wat ee brauch fir muer dann alles ze maachen fir eng gutt éischt Manche kënnen ze iwwerstoen.

Elo ginn nach déi leschten Preparatiounen virgeholl fir dass mer all muer Geschier an der Rei hunn fir starten ze kennen. Soubal mer Secteuren vun deen eenzelnen Fëscher wëssen, deelen mer Iech déi natierlech och mat. Wei gesot. Hëtzt ass verreckt an mir wäerten den Owend all esou fréi ewéi méiglech an Bett eis maachen fir muer déi néideg Fitness kënnen mat an den Dag ze huelen. Nach eng Kéier ee groussen Merci un eis Begleeder, haaptsächlech Viv an Anouk, déi all Dag derfir suergen dass eisen Mo gutt gefëllt ass.

Wéi all Dag een schéine Bonjour aus Spunien.

B.G. Fernand Schmitt